



Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, Madam an där Hären vun der Press.

Am Numm vun der Grénger Fraktioun well ech fir d'éischt dem Député-Maire vun der Gemeng Suessem, der 1. Schäffin, der Gemengesekretärin mat de Leit aus dem Gemengesekretariat, dem Personal aus dem Service financier e grouse Merci soen fir d'Presentatioun vum Budget 2017.

Dëse Budget, de leschte virun de Gemengewahlen den 8. Oktober 2017, ass, wéi déi Jore schonns virdrun, ewéi sot den Buergermeeschter en Méindeg bei der Presentatioun vum Budget, et ass e Budget an der Kontinuitéit vun de ville Projeten, déi mer an de leschten Joren realiséiert hunn, oder an d'Weeër geleet hunn. Fir eis, déi Gréng, ass et den 22. Budget den mer mat ausgeschafft hunn an ëmmer an der Kontinuitéit, an zum Wuel vun eise Bierger aus deenen 4 Uertschaften.

Besonnesch begréisse mir bei dësem Budget, datt en immens zou enger Evolutioun vun eiser Gemeng bäidrét, well de Grondsteen fir vill zukunftsweisend Projet'en geluecht gëtt. Fir eis Gemeng kann domat dat neit Kapitel, en vue vun der Weiderentwécklung vum ganze Süden, bei der mir als Partner matwierken, viru geschriwwe ginn. Loosst mech kuerz nach eng Selektioun an den Aen vun der Fraktioun „Déli Gréng“ vun de gréissten Innovatiounen opzielen, well insgesamt esou vill geschafft gëtt:

Soziales

Duerch de Bau vu ganz ville Strukturen fir alleguerten eis Gemegebewunner gi mir op d'Demande an de Besoin vun de Mënschen an, Beispiller sinn déi nei Schoul, den 3. Alter, den Ediff, d'Maison Relais'en, de soziale Wunnengsbau, asw...

Mobilitéit

Ech zielen op: Infrastrukturellen Ausbau vun de Vëlospisten, de Vel'OK, Developpement vum ëffentlechen Transport. Ausserdeem déi Etude, déi d'Gemeng wëll maache loossen, fir de Bau vun enger Seelbunn vun Esch verlängert bis an den Zentrum vu Bieles.

Gemengeservicer

Eis Strukturen vun der Gemeng si modern, gutt equipéiert an am permanente Wandel.

D'Pompjeeën sinn der heuteger Zäit ugepasst, modern Infrastrukturen sinn am Bau an enger Fusioun mat Déifferdeng sti mir positiv géintiwwer.

Service d'Egalité des Chances

Et ass gutt, dass mir deen Service hunn, an et beweist sech, dass déi vun do gesteiert Veranstaltungen an Ënnerstëtzungen gutt ukommen

Gestioun vum Waasserreseau

Vue datt Dréinkwaasser eent vun de wichtigste Liewensmëttel ass, suergt eis Gemeng fir d'Erneuerung vun eisem Waasserreseau an dat si gutt investéiert Suen. Wichtig fir eis, Déi Gréng, ass och, datt de Waasserpräis bestoe bleift, deen op engem akzeptabelen Niveau ass a fir all Mënsch bezuelbar bleift.

Mir fannen et gutt, datt d'Gemeng och an d'Kläranlagen investéiert.

Sportshal

Fir de Bau vun der Sportshal zu Suessem hunn déi éischt Aarbechten ugefaangen an zu all Moment wäert den éischte Spuedestéch gemaach ginn.

Sport

Déi Sportscur'en, déi d'Gemeng eisen Awunner ubitt, sinn ee riese Succès an d'Inscriptiounen vun iwwer 700 Participant'en beweisen dat!

Am Híbléck op d'Fussballsterrain'en: Den een kritt en neie Konschtrasen, deen aneren gëtt frësch ageséent.

Och d'Liichtathleten kënnen sech iwwer eng Moderniséierung freeën.

D'Gemeng gëtt och Subsiden un d'Sports- a Kulturveräiner, wat an eisen Aen och ganz gutt investéiert Geld ass.

Jugend

D'Jugend aus eiser Gemeng huet et verdéngt, duerch déi wäertvoll pädagogesch Aarbecht, zum Beispill an de Jugendhaiser, eng sënnvoll Ënnerstëtzung ze kréien. Dofir sinn déi Suen, déi d'Gemeng an eis Jugendstrukturen an an zousätzlech Jugendprojet'en investéiert, ganz gutt ugeluecht!

Müllkonzept vun der Gemeng

Mir als Gréng stinn hannert der Offallgestioun, déi an der Gemeng ëmgesat gëtt, an déi vun eis an den 90er Joren initiéiert gouf a viru kuerzem adaptéiert ginn ass.

Ofschléissend erlaben ech mir, awer nach kuerz Froen à punkto Budget ze stellen, déi d'Kultur an den Aarbechter-Kollektivvertrag betreffen:

Am Beräich vun der Kultur, wéi gesinn do d'Depensen aus, fir all eis Kulturaarbecht an déi kulturell Offer'en um Lafen ze halen?

Am Híbléck op d'Kulturhauptstad Groussregioun Süden an Esch 2022, wat huet d'Gemeng am Budget dofir virgesinn?

Déi lescht Fro betrefft den zukünftege Kollektivvertrag fir Salarié'en à Tâche manuelle (Ex-Aarbechter), wat kascht dat fir d'Gemeng? Mir hunn entretemps 307 Gemengenaarbechter an ech wollt nofroen wat dat fir eis Gemeng un Depensen mat sech bréngt an ob déi och am Budget virgesi sinn?

Wéi däitlech gouf, weist och dëse Budget vun 2017 d'Bereetschaft vum Schäfferot fir an dëse Beräicher un der Kontinuitéit weiderzeschaffen an domadder an eng nohalteg Zukunft vun eiser Gemeng ze investéieren.

Et war gewosst, dass a Joren, wou mir eng Rei Projeten um Programm hätten, dëst eng zolidd Belaaschtung fir d'Gemengekeess bedeite géif. Fir all déi Projeten ze finanzéieren, ass 2017 e Prêt virgesinn, also 10 Mio. €. Wann déi Sue geléint ginn, huet eis Gemeng den 31. Dezember 2017 eng Schold vu ronn 24,1 Mio. €. Domadder géif d'pro Kappverschëldung vun 972,3€ op 1419 € eropgoen.

Mee wéi de Buergermeeschter an déi 1. Schäffin bei der Presentatioun vum Budget schonns soten, ass dat awer nach raisonnabel.

Déi Extraschold vun 9,73 Mio, déi d'Gemeng fir de Projet Orchidée an den EDIFF mëscht, dat hu mer jo vum Buergermeeschter an der 1. Schäffin erkläert kritt, dat wier eng Zomm déi virgestreckt gouf, déi awer integral erëm kënnt.

Wéi explizéiert gouf, realiséiert d'Gemeng Projeten, déi fir nächst Generatioune geduecht sinn; sou dass et ze verrieden ass, dass d'Bezuele vun deene Projete sech iwwer 20 Joer zitt.

Op eppes wollt ech nach agoen, 2017 wäerte mir op iwwer 17.000 Awunner an der Gemeng Suessem kommen. Méi Leit erfuerderen och méi Aarbechtsplazen. Do iwwerhëlt d'Gemeng och Verantwortung andeems dat nächst Joer 22 Persounen agestallt ginn, wat de Buergermeeschter verlaude gelooss huet.

Also den 31. Dezember 2016 si bei der Gemeng 567 Leit, déi do schaffen an et wäerten dann Enn Dezember am nächste Joer 589 Salariéen op der Gemeng beschäftegt sinn. Dofir mengen mir, dass d'Gemeng Suessem, déi an engem ganz schnelle Rhythmus wisst, gutt opgestallt wäert sinn, wat d'Personal ugeet.

De Schäfferot ass natierlech och ugehale fir d'Dépenses ordinaires ganz gutt am A ze behalen .

Fir eis ass dëse Budget ee bei deem déi positiv Dynamik vun eiser Gemeng op konkret Piste gesat gëtt, fir weiderhin an eng gesécherter Zukunft ze goen. Déi Gréng stinn zu 100% hannert dësem flotten Ausbau an eiser Gemeng, deen dofir suerge soll, datt alleguerten d'Leit gär bei eis wunnen, schaffen a sech wuel fillen.

Mir wäerten déi dofir erfuerderlech finanziell Effort'en, déi virun eis leien, am A behalen a mir wäerten si och meeschtere kënnen.

Mir, Déi Gréng, wäerten selbstverständlech dëse Budget, dee mir matverantworten, ewéi net aneschtens ze erwaarden, mat JO stëmmen.

Alain Cornély